

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Der «Union Syndicale Luxembourg» (USL) si rezent Informatiounen zougedroe ginn, déi fir vill Opreegung suergen. Et wär deemno esou, datt d'EU-Kommissioun géif plangen, eenzel Servicer vu Lëtzebuerg ofzezéien an op Bréissel ze verlageren. Betraff wiere virun allem de Krisemanagement bei der Generaldirektioun fir den europäesche Katastropheschutz an humanitär Hëllef (ECHO) an Abteilunge vun der Generaldirektioun fir Gesondheet (SANTE) an Energie (ENER). Et sief an deem Zesummenhank och drun erënnert, datt den Transfert vun der Exekutivagentur fir de Verbraucher, Gesondheet, Landwirtschaft a Liewensmëttel (CHAFEA) op Bréissel och nach net ofgeschloss ass. D'USL betount an deem Zesummenhank, datt Dosenden Aarbechtsplazen op der Kipp stinn.

An deem Zesummenhank wéilt ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatiounen confirméieren?
2. Wa jo, wat mecht déi Lëtzebuerger Regierung fir deenen Entwécklungen entgéint ze wirken? Wéi wëll d'Regierung de Siège vun den europäeschen Institutiounen zu Lëtzebuerg verdeedegen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten